

Här Buergermeeschter,
Dir Dammen an Hären,

D'Presentatioun vum Budget soll der Ëffentlechkeet d'Zuele vum Budget erklären an d'Gemengefinanzen transparent maachen.

1. d'Investitiounen: ëm 43 Prozent verrechent

An Ärer Presentatioun vum Budget, Här Buergermeeschter, zitt Dir de Bilan vun 18 Joer CSV-LSAP-Politik an der Gemeng. Dir sot, an deenen 3 Legislaturperiode mat lech als Buergermeeschter, wäeren insgesamt "ronn 330 Milliounen € investéiert" ginn.

De President vun der Finanzkommissioun huet dës Zuel a sengem Avis iwwerholl.

Viru 6 Joer hat Dir, Här Buergermeeschter, de Bilan vun 2000 bis 2011 gezunn a vu "ronn 220 Milliounen €" Investitioune geschwat. Deemno missten no Adam Riese an Ären eegenen Zuelen an dëser Legislaturperiod ronn 110 Milliounen Euro investéiert gi sinn.

Leider stellt d'Finanzkommissioun zanter Joer keen Tableau méi zur Verfügung, deen e finanziellen Iwwerbléck op eng länger Zäitperiod erlabe géif. Den Här Alfons Schmid, fréiere President vun dëser Kommissioun, huet dat all Joer gemaacht an esou fir e bëssche méi Transparenz an der Budgetdiskussioun gesuergt.

De Schäfferot huet sengersäits d'Hëllefsmëttel vum Gemengen eegene *Plan financier pluriannuel* ofgeschaaft. Dës Opstellung vun allen Investitiounen iwwert hier Gesamtdauer hätt erlaabt, déi ronn 110 Milliounen ze beleeden.

Elo muss sech also all Conseiller, wann en dann drun interesséiert ass, d'Zuele selwer aus engem Stapel vun Dokumenter eraussichen. *déi gréng* hunn dat gemaacht. A mir hunn an de Konte folgend Zommen als *Dépenses extraordinaires* fonnt:

2012:	9 524 026,39 €
2013:	12 129 199,20 €
2014:	19 434 924,09 €

Bei der Virstellung vun de Konten an de Budgeten hutt Dir, Här Buergermeeschter, den 2. Dezember folgend Zuele genannt:

2015:	17 167 675,02 € (<i>Comptes</i>)
2016:	13 352 362,02 € (<i>Budget rectifié</i>)
2017:	12 522 142,98 € (<i>Budget initial</i>)

Wat zesumme 84,13 Milliounen Euro mécht. Wesentlech manner wéi déi genannten 110 Milliounen.

Mee d'Zomme vun den *Dépenses extraordinaires* ass nach net de Gesamtinvest vun der Gemeng. Fir deen erauszefannen, muss een de Posten "*Dotation au fonds de réserve pacte logement*" eraus rechnen. D'Zuelen déi an den Ënnerlage stinn:

2012:	667 102,50 €
2013:	857 790,00 €
2014:	1 626 952,50 €

Dozou kommen d'Zuelen, déi Dir den 2. Dezember genannt hutt:

2015:	1 362 285,00 € (<i>Comptes</i>)
2016:	998 797,50 € (<i>Budget rectifié</i>)
2017:	1 651 252,50 € (<i>Budget initial</i>)

Dat mécht en Total vu 7,16 Milliounen Euro, dee vun den *Dépenses extraordinaires* (84,13 Mio €) ofgezu muss ginn.

De Gesamtinvest fir dës Legislatur bedréit also ronn 77 Milliounen Euro (genau: 76 966 150,70 €).

Här Buergermeeschter, Dir hutt lech ëm ronn 33 Milliounen Euro verrechent. Respektiv ëm 43 Prozent!

Der Finanzkommissioun ass dat net emol opgefall!?

2. d'Regionalpolitik: Mythos a Realitéit

Här Buergermeeschter, Dir hutt bei der Virstellung vum Budget och versicht, e politesche Bilan vun deenen dräi Legislaturperioden ze zéien. Dat ass "*de bonne guerre*", mee och bei engem politesche Bilan soll ee bei de Fakte bleiwen!

Dir sot a schreift: "dass mir eng Reih vun regionalen Aufgaben wäerten iwwerhuelen. Mat Lycée Josy Barthel an Europaschoul maachen mir dat am Schoulwiesen".

Ech weess, dass mat der Gemeengefinanzreform de Staat ab 2017 d'Participatioun vun de Gemengen un de Lounkäschte vun den Enseignanten aus dem *Fondamental* iwwerhuele wäert, an domatter der Gemeng Mamer Depense vu ronn 2,5 Milliounen Euro wäerten erspuert bleiwen.

Ech hunn awer nach net héieren, dass d'Gemeng duerfir de Lycée Josy Barthel an d'Europaschoul misst iwwerhuelen. Ausserdeem leien déi dach éischer an der Nopeschgemeng Bartreng an domatter am Bezierk Zentrum.

Richteg ass, dass Äre Virgänger, den Henri Hosch, regional Verantwortung iwwerholl huet, wéi hien ZESUMME mat den interesséierten Nopeschgemengen de CIPA lancéiert huet.

Dës Majoritéit awer, huet sech ëmmer schwéier gedoe bei der fräiwëlleger regionaler Zesummenaarbecht an huet mat hire villen *Alleingäng* éischer d'Noperen ofgeschreckt wéi zu enger Kooperatioun ugereegt.

De Kompetenzzentrum fir Energie, Bau a Renovatioun, wéi e vum KlimaForum virgeschloen an an der aktueller Schäfferotserklärung ugekënnegt gouf, wier e flotten a virun allem ganz sënnvolle regionale Projet gewiescht. Mee vun deem Projet héiert een näischt. D'Energieeffizienz an de Klimaschutz sinn ebe keng Prioritéite vun dësem Schäfferot.

3. de Wuesstem: e "moderate" Wee zum Kollaps

Här Buergermeeschter, Dir schwätzt nach ëmmer vun engem "moderate Bevölkerungswuestum vun 2,5 bis ronn 3 Prozent pro Joer". Esou en héije Wuesstem ass awer alles anescht wéi "moderat".

Op nationalem Plang gëtt jo an der leschter Zäit vill vun 1,1 Milliounen Awunner am Joer 2060 geschwat. Abee, wann d'Land géif all Joer, wéi et lech fir eis Gemeng virschwief, "moderat ëm 2,5 bis ronn 3 Prozent" wuessen, dann hätt Lëtzebuerg 2060 net 1,1 Milliounen Awunner, mee dann hätt d'Land bis 2,1 Milliounen Awunner!

D' Gemeng Mamer hätt bei esou engem "moderate" Wuesstem 2060 ëm déi 30 000 Awunner. Esou vill wéi d' Stad Esch haut. Mee och dat schéngt lech net weider ze beonrouegen. Dir weist einfach drop hin, dass eis Gemeng "mat 28 km² duebel esou grouss ewéi Esch" ass.

"Nei Aarbechtsplazen bréngen och Nuisancen, Verkéier, Stau ...", hutt Dir als Deputéierten an der Chamber gesot. Als Buergermeeschter sicht Dir d'Léisunge fir de Verkéiersproblem einfach bei deenen Aner. Eng Politik vun "Dausenden neien Aarbechtsplazen" (LEADER-Regionalmagazin Spezial 2016) an engem staarke Bevölkerungswuesstem erfuerdert awer, dass een seng Hausaufgabe selwer mécht.

Et ass eng Zoumuddung fir d'Anrainer vun de *Chemin Repris*, wann een hinne seet, dass déi honnerten Autoen déi all Dag laanscht hier Dir op d'Schaff um Gemengenterrain fueren, "just" Transitverkéier wieren.

Wou bleiwe baulech Moosname fir eng Verkéiersberouegung? Firwat trëppelt d’Gemeng zanter 18 Joer op der Plaz, wat den Ausbau vum öffentlechen Transport an der *Mobilité douce* ugeet? A kommt eis net mat dem Ruffbus, deen elo – kuerz virun de Wahlen – a senger drëtter Versioun ageweit soll ginn.

Dem Här Negri soe mir Merci, well hien a Saachen “Tram bis op Mamer” beim Minister nogehaakt huet. Mir froen dat jo schonns zanter laangem.

4. de soziale Wunnengsbau: Null Verantwortung iwwerholl

Viru kuerzem huet den Hesper Buergermeeschter dem Minister fir Wunnengsbau eng *Question parlementaire* gestallt zu de soziale Mietwunnengen (*logements locatifs sociaux "réalisés, achetés ou transformés"*), déi vun 2013 bis dat 1. Trimester 2016 realiséiert goufen.

De Minister Hansen huet d’Zuele genannt. Vun deenen insgesamt 660 Wunnenge goufen der 400 vun de Gemenge geschaaften, 205 vum Fonds de Logement a 55 vun SNHBM. D’Engagement vun de Gemengen an dësem wichtege Beräich am Kampf géint Aarmut huet net onbedéngt eppes mat hirer Gréisst oder Finanzkraaft ze dinn, wéi d’Opstellung weist:

commune	logements	dont pour étudiants
Mondercange	89	15
Luxembourg	73	8
Wiltz	72	72
Esch	42	17
Hesperange	16	
Dudelange	15	
Sanem	12	
Wiltz/Eschweiler	12	
Flaxweiler	10	
Niederanven	9	
Mondorf	7	
Beckerich	6	
Grevenmacher	6	
Goesdorf	5	
Koerich	5	
(autres)	21	
Mamer	0	0
total	400	112

Vun deene 400 Wunnengen déi d’Gemengen an deene leschte Joer geschaaften hunn, sinn der 112 fir Studenten.

D’Gemeng Mamer huet net eng eenzeg sozial Mietwunneng realiséiert. Esou wéi wa bei eis dofir kee Besoin géif bestoen. Mee wéi sot Dir emol, Här Buergermeeschter: “wien et hei an der Gemeng ze deier ass, dee ka jo plënnere”.

Dës Zuele vum Minister weisen virun allem, dass déi staatlech oder parastaatlech Institutiounen d’Aufgab vum soziale Wunnengsbau net eleng meeschtere kënnen, an dass och d’Gemengen onbedéngt hir Responsabilitéit iwwerhuele mussen.

A vill Gemenge maachen dat! Esou guer kleng an net esou finanzkräfteg Gemenge kënnen offensichtlech hire Beitrag leeschten, an dat ouni iwwert spezialiséiert Servicer ze verfüegen!

Domatter beleet d'Äntwert op d'*Question parlementaire* vum Här Lies, dass d'Argumenter vum Mamer Schäfferot, fir KENG Sozialwunnengen ze schafen, net stéckhalteg sinn. Si waren a si si just Pretext, fir näischt an dësem Beräich ze maachen.

Esou, dass och de Budget fir 2017 nees eng Kéier **KEE "Budget vun der Solidaritéit"** ass!

5. d'Taxen an d'Steieren: do leit Mamer vir

D'Gemeng Mamer huet sech an deene leschten 18 Joer zu enger deiere Gemeng entwéckelt.

D'Baupolitik vun dëser Majoritéit – méiglechst vill Terrain op de Marché brénge fir esou d'Präisser ze drécken oder zumindest ze stabiliséieren – war en eenzegem Debakel!

Och bei de Gemengentaxe leit Mamer am Spëtzepeloton. Jo, déi gréng si fir de Käschtendeckungsprinzip bei Waasser an Offall. A mir hunn de Schäfferot eng Zäit laang an dësem Punkt ënnerstëtzt. Mee dem Schäfferot geet et bei den Taxen nëmmen drëm fir méiglechst vill Suen an d'Kees ze kréien. D'Ëmwelt ass him egal.

Trotz all eisen Ufroen, de Bierger ze beroden an z'ënnerstëtzen e.a. bei der Reduktioun vum Waasserverbrauch, ass näischt geschitt. Am Géigendeel! De Schäfferot huet géint d'Reserve naturelle Mamerdall - e konkrete Beitrag zum Natur- a Waasserschutz - reklaméiert. Den autofräie Sonndeg huet en ofgeschaaft, genau wéi d'Ëmwelt- a Klimawoch. Nach ëmmer huet d'Gemeng keen Ëmweltbeoptragten agestallt. Vun der Ersatzléisung, dem Kompetenzzentrum fir Energie, Bau a Renovatioun aus der Schäfferotserklärung, gétt net méi geschwat.

Wéi bei den Taxen huet d'Gemeng Mamer och bei deenen zwou Gemengesteieren, also dem *Impôt Commercial Communal (ICC)* an dem *Impôt foncier (IF)*, d'Nues vir. Et gétt wéineg aner Kommunen, wou den Taux méi héich leit wéi bei eis.

Ëmsou méi iwwerrascht war ech, Här Buergermeeschter, wéi ech Är Ried an der Chamber zur Gemengefinanzreform héieren hunn. Dir hutt do fir d'Ofschafe vun der Gewerbesteier an, als Géigefinanzéierung, fir d'Verfënneffache vun der Grondsteuer plädéiert.

Am *Budget initial 2017* si Recettë vun 2,15 Milliounen Euro bei dem ICC an 900 000 Euro bei der Grondsteuer ageplangt. No Är Virstellung soll d'Gewerbesteier op Null goen an den *Impôt foncier* der Gemeng 4,5 Milliounen Euro erabrénge.

Am Kloertext: d'Bierger solle fir d'Ausfale vun der Betriebssteuer riicht stoen.

Dir hutt Är sozial ongerecht Propose mat der Kompetitivitéit begrënnt. Mee wann Dir als Deputéierten d'Wirtschaft entlaaschte wëllt, wisou bestrooft der dann als Buergermeeschter d'Entreprises op eisem Gemengenterrain mat deem héchsten Taux deen iwwerhaupt nach méiglech ass?

Als Rappel: entgéint der Ausso an der Schäfferotserklärung vun 2011, huet dës Majoritéit 2012 den Héchsttaux vun 350 agefouert.

6. den *Excédent ordinaire*: d'Gemeng trëppelt op der Plaz

Här Buergermeeschter, ënnert dem Stéckwuert "Gemengefinanzlogik" (sic) zitt Dir folgende "Fazit: Zanter 3 Joer een uerdentlechen Boni vun duerchschnëttlech 7,7 Milliounen €. Fir Enn 2016 op 6,14 Milliounen geschat."

"Fir Enn 2017 op 5 Milliounen geschat", vergiesst Dir einfach ze soen.

Dir sot och net, dass dës Boni 2012 bei nëmme 4,8 Milliounen loun, an Dir sot scho guer net, dass d'Moyenne dës Legislaturperiod bei 6,5 Milliounen leit, also wäit ewech vun Äre 7,7 Milliounen!

Dir hutt lech einfach déi 3 beschte Joer erausgesicht, fir Äre Bilan glänzen ze doen.

Iwwregens: **obwuel d'Moyenne vun den uerdentleche Recetten an deenen 3 Legislaturperioden sech bal verduebelt huet** (+85%, vu 16,4 Mio €/a an der Period 2000-2005 op 30,5 Mio €/a an der aktueller Period), **ass den uerdentleche Boni zréck gaangen.**


Evolution du budget ordinaire de la commune de Mamer entre 2000 et 2017

en mio €	total 2000-2005	moy.ann. (1)	total 2006-2011	moy.ann. (2)	total 2012-2017	moy.ann. (3)	var.(1)->(3)
Recettes ord.	98,6	16,4	133,6	22,3	182,8	30,5	85,4%
Dépenses ord.	-58,6	-9,8	-96,6	-16,1	-143,7	-23,9	145,2%
Résultat ord.	40,0	6,7	37,1	6,2	39,1	6,5	-2,3%

An dat bedeit, dass d'Investitionskapazitéit zréck gaangen ass ënnert dëser Majoritéit.

7. Ausbléck a Versäumnisse

Dat weist och ganz kloer d'Grafik vun de reellen Investitiounen an deenen 3 Legislaturperioden: vun 2000 bis 2005 goufen 104,4 Milliounen Euro investéiert, vun 2006 bis 2011 101,7 an dës Legislaturperiod just nach ronn 77 Milliounen.



Här Buergermeeschter, Dir hutt einfach all Period op 110 Milliounen Euro "opgeronnt". War dat fir Är zwou éischt Legislature vläicht just eng Schéinheitsoperatioun vum Bilan, esou ass et elo awer **eng komplett falsch Presentatioun vun den Zuelen.**

Virun allem stellt Dir d'Situatioun duer, wéi wann et ëmmer d'selwecht weider goe géing. Mee dat ass falsch!

Déi nächst Legislaturperiode wäerten aus finanzieller Siicht net méi esou einfach ze meeschtere sinn wéi déi dräi lescht. 2000 huet dës Majoritéit Reserve vun 12,1 Milliounen Euro virfonnt. 2018 muss déi nächst Koalitioun ouni Reserve mee duerfir mat enger Gemengeschild vu ronn 40 Milliounen Euro starten. Dozou kommen nach den *Engagé* aus der lafender Period vu mindestens 6 Milliounen esou wéi nei, Blut noutwendeg Investitiounen wéi den Ausbau vun der Kläranlag. Mee och iwwert dës Betrag gëtt Är Presentatioun keen Opschluss.

Mir wäerten d'Budgeten also net matstëmmen.

E kleng Liichtbléck fir d'Zukunft bitt d'Gemengefinanzreform, déi elo endlech eng Regierung zustane bruecht huet. Duerch dës Reform soll eis Gemeng ronn 2 Milliounen Euro méi un uerdentleche Recette kréien.

Dës Suen sollen an eisen Aen prioritär fir all déi Beräicher agesat ginn, déi bis elo vun dëser Majoritéit vernoléisseg goufen: d'Mobilitéit an d' Verkéiersberouegung, sozial Initiativen virun allem awer bei wäitem net nëmme beim Wunnensbau, Natur- a Klimaschutz asw

Ënnert dësem Schäfferot gouf d'Participatioun vun de Bierger kleng geschriwwen, goufen d'berodend Kommissiounen zu Organisatiounscomitéë degradéiert, d'Transparenz verschleiert an d'demokratesch Rechter ageschränkt. Fir all dat ze änneren, brauche mer keng Suen, mee en anere Schäfferot!

Ech soen alle Beamtinnen a Beamte Merci fir déi Opschléiss räich Ënnerlagen.

Merci fir d' Nolauschteren.